



dass mer mengen, dass et stabel wär, opgrond vun deem, wat mer haut wëssen. En definitive Rapport hu mer leider nach net. En definitive Rapport wäerte mer an de kommende Woche kréien.

An do, mengen ech, géif ech widderhuelen, wat ech a sech gesot hat, wann ech soen: Mir halen lech au courant. Soubal mer eppes Definitives hunn, deele mer et wierklech ganz gäre mat.

D'Wuesstumsproblematik hat ech u sech och ugeschwat. An dat hat ech u sech politesch gemengt, well mer natierlech musse kucken: Wéi sollen eis Uertschafte weider wuessen? Wéi baue mer zesummen? An och dat, hat ech gesot, géif ech nach eng kéier bekräftegen, dass mer do wäerte wierklech zesumme mat de Gemengen déi Saach thematiséieren, well et esou ass, dass mer wierklech immens grouss Quantitéiten u Bauschutt produzéieren hei am Dag, dass mer immens grouss Quantitéiten aus dem Buedem eraushuelen. An dat ass eng Saach vu sech gemeinsam iwwerleeën, wéi ee wëllt eis Uertschaften zum Beispill wuesse loosse, wat ee wëllt do errechen, ob zum Beispill en Akafszentrum muss fënnef Etage Parking ënnerdrénner hunn. All déi Saachen, dat si mer amgaang ze thematiséieren.

A gëschter hate mer zum Beispill e ganz flotte Lancement och vun „Ecoquartier“, déi mer a sech, wat eppes ass, wat mer mat der EBL zesumme maachen, wou ee sech och déi Froe stellt vun: Wéi wëlle mer an Zukunft zesumme liewen?

Dann hat Der elo nach gefrot: d'Strooss Esch-Monnerech. Do war et esou, dass mer gesot hunn - dat hutt Der och selwer elo gesot -, d'Strooss Esch-Monnerech, jo, déi ass gespaart. Dat wäert och weiderhin esou bleiwen. Do ass och den Transportminister hei. Do un där Situation huet sech och näischt geännert.

Bon, d'Schoul, dat muss gekuckt ginn. Dat ass leider net meng Kompetenz.

An d'Mesuren, déi kann ech nach eng kéier erklären. Do ware mer mëttlerweil beim Schäffrot vu Suessem. Mir si gutt weiderkomm. Mir haten eng ganz konstruktiv Sëtzung. Ech war do zesumme mam François Bausch a mir hunn u sech eis ugekuckt: Wéi ass en Accès méiglech a wéi kënne mer schnellstméiglech déi Situation do regelen? Eis Leit sinn do um Schaffen. Mir haten deemools gesot: ee Mount. Mir denken, dass mer eventuell vun eiser Säit, wat eben déi Testphas, déi mer kéinte lancéieren, ugeet, kéinte prett si vun deem, wat vu menger Säit, vum Environnement, vu menger Administratioun hierkënn. A fir de Rescht musse mer kucken, dass mer schnellstméiglech do weiderkommen.

Dann hate mer och gesot, dass mer prioritär wäerten och de Kommodo vu Stroosse weiderdreiwen. Och dat stëmmt nach haut. No enger Testphas - komme mer zrëck op Suessem - vu sechs Méint gëtt dat Ganzt evaluéiert, an da wäert den Dossier och weidergedriwwen ginn.

Dat sinn elo déi konkret Mesuren. An déi laangfristeg Mesuren, dat bezitt sech dann op déi Aart a Weis, wéi mer wëlle bauen a wéi mer dann och wëllen an Zukunft eis organiséieren.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Minister. Ech wollt just soen, dass mer hei...

► **M. Michel Wolter (CSV).** - An ech wollt lech froen, Här President, datt mer an engem Fait personnel sinn, opgrond vum Ufank vun der Äntwert vun der Ministesch.

► **Plusieurs voix.** - Ohh!

► **Une voix.** - Dat muss Du nach grad soen doiwwer!

► **M. le Président.** - Also...

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech wollt soen, Här President, datt ech viru 14 Deeg d'Äntwert vun der Madame Minister ganz gutt verstanen hunn, well d'Lëtzeburger Sprooch ass eng Sprooch, där ech mächtig sinn. An ech hunn och elo verstanen, wat se geäntwert huet. An ech stelle fest, datt ech ganz staark Differenze ginn tëschent deem, wat d'Madame Ministesch viru 14 Deeg gesot huet, an deem, wat se elo gesot huet.

Et ass manifest esou, an dat war en „understanding“, dee mer viru 14 Deeg haten, dass d'Madame selwer gesot huet, si géif mer op véier Froen, déi se net beäntwert hat deemools, do géif se mer schrëftlech eng Äntwert ginn, an datt ech déi Äntwert, datt ech déi net kritt hunn, esou datt ech mer erlaabt hunn, déi véier Froen nach eng kéier ze stellen. Et ass - an ech hu verstanen, wat se elo gesot huet, well ech hunn hir nogelauschert - nach ëmmer eng Fro, op déi se net geäntwert huet.

Ech hu se nämlech gefrot, ob se, wéi se iwwert d'Warnsignal vun dem Lëtzeburger Wuess-

tumsmodell geschwat huet, an hirem Numm geschwat hat oder am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung. Op déi Fro hunn ech nach ëmmer keng Äntwert kritt, esou datt ech lech géif bieden, fir datt mer a 14 Deeg net nach eng kéier mussen d'Fro stellen, wann d'Ministesch domadder d'accord wier, op déi Fro dann nach ze äntwerten.

► **M. le Président.** - Ech géif mengen, dass d'Madame Minister dat mat engem Jo oder Nee ka maachen, respektiv dass den Här Statsminister mar am État de la nation ganz vill Geleeënheet huet, fir och iwwert d'Wuesstumsproblematik an d'Vuë vun der Regierung ze schwätzen. Et ass also...

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Evident!

► **M. le Président.** - Et schéngt...

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Sidd Dir, Här President, concernéiert?

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Bon, ech kann...

► **M. le Président.** - Neen.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Also, a puncto Wuesstum hat ech lech elo just gesot, dass ech denken, dass mer de Wuesstum vun eisen Uertschaften a wéi mer wuessen, a wéi eng Richtung - dat kann ech politesch soen, dat kann ech genausou a mengem Numm soen, mä ech soen et och politesch - dass mer dat mussen zesummen upaken an evaluéieren: Wéi wëlle mer wuessen? An dat ass genau esou eng politesch wéi eng perséinlech Ausso.

► **M. le Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der Froestonn ukomm.

9. Changements de composition de commissions parlementaires et de délégations aux assemblées parlementaires internationales (suite)

Ech wollt just nach eng Informatioun noliwweren, wann Der erlaabt, dat ass, dass an der Héichschoulkommissioun den Här André Bauler den Här Edy Mertens ersetzt.

Sidd Der domat averstanen?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

Da géife mer zum Rescht vun eisem Ordre du jour iwwergeen, an zwar zum Projet de loi 6541. Et geet ëm d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Emissiounen an der Industrie. D'Riedezäit gouf nom Basismodell festgeluecht. Ech hu bis elo d'Aschreiwunge vun deenen Hären: Oberweis, Negri, Baum an Turpel.

D'Wuert huet elo direkt den honorabele Rapporteur, den Här Henri Kox. Ech wëll och de Fraktioun Merci soen, dass se eis an der Zwëschenzäit d'Riednerlëscht matdeele mat den indikative Riedezäiten. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

10. 6541 - Projet de loi

a) relative aux émissions industrielles

b) modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

c) modifiant la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.** - Här President, Merci. Hei ass direkt vläicht eng kleng Äntwert, a wéi eng Richtung mer wuessen. Wa mer eng Industrie op Lëtzebuerg huelen, da kucke mer, dat natierlech am Respekt vun der Ëmwelt ze maachen. An dës...

► **M. le Président.** - Wann ech gelift! Am Moment huet just de Rapporteur d'Wuert a soss keen aneren! Aus Respekt virun der Aarbecht vum Rapporteur géif ech lech bieden nozelauschteren. Merci.

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.** - Merci, Här President. Nach eng kéier: Hei ass effektiv e ganz wichteg Gesetz, net nëmme fir eis industriell Produktiounen, mä och fir eisen Environnement.

Et ass eng Direktiv, déi am Gesetzesprojet 6541 a Lëtzeburgergesetz Gesetz ëmgesat gëtt, an et geet ëm d'Emissiounen, industriell Emissiounen. Dofir muss d'Gesetz vum 10. Juni 1979 (veuillez lire: 10. Juni 1999) «relative aux établissements

classés», also dat sougenannten „Kommodo-Inkommodo-Gesetz“ kuerz geännert ginn. An et ännert d'Loi modifiée vum 20. Abrëll 2009 «relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux».

Vläicht um Ufank kuerz och d'Datumer: De Gesetzesprojet ass nach vum Ministère délégué au Développement durable et aux Infrastructures vun der viregter Regierung de 5. Februar 2013 déposiert ginn. En hat eng Fiche financière derbäi an natierlech d'Direktiv, déi vum 2010/75/EU vum 24. November 2010. En huet eng gewëssen Urgence, well u sech d'Direktiv hätt scho missen a Lëtzebuerger Gesetz ëmgesat ginn.

De Conseil d'État huet den 18. Juni 2013 säin éischten Avis ofginn an de 16. Oktober 2013 en zweete complémentaire. D'Chambre des Salariés respektiv d'Chambre de Commerce hunn hir entspriechend Avisen och ofginn.

An enger éischer Kommissiounssëtzung vun der viregter Chamber, den 20. Februar 2013 an der Commission du Développement durable, gouf den honorabele Marcel Oberweis fir d'Éischt als Rapporteur bestëmmt, a si hunn eng éischt Lecture dovun gemaach den 13. März 2013.

An der Kommissioun vum 29. Februar 2014 (veuillez lire: 29. Januar 2014) ass dëse Gesetzesprojet an där neier Environnementkommissioun nach eng kéier presentéiert ginn an ech selwer gouf an där Sitzung dann als Rapporteur bestëmmt.

Wéi eng Objektiv huet dann elo dëst Gesetz? Also d'Gesetz transposéiert, wéi gesot, eng Direktiv, eng wichteg Direktiv. Et ass d'Direktiv IED, u sech eng fréier Direktiv vum 2008, «relative à la prévention et à la réduction intégrées de la pollution», déi och nach ënnert dem Numm IPPC genannt gëtt.

Den IPPC war u sech och eng Direktiv, an dat war de Virleefer fir d'Gesetz vum 10. Juni 1929 (veuillez lire: 10. Juni 1999), wat gemengerhand als Kommodo-Inkommodo-Gesetzgebung bekannt ass a wat jo a leschter Zäit och e bëssen an der Diskussioun war, siehe Décharge Monkeler oder och nach de Monkeler-Projet selwer, wat u sech der Législatioun ënnerläit.

Wat probéiert u sech dës Direktiv ze maachen? D'Direktiv huet sech u sech lassgeléist. Et gëtt net méi iwwert de Kommodo-Inkommodo geregelt, mä all industriell Emissioun gi mat dësem Gesetz ofgedeckt. An dëst Gesetz wäert dann eis industriell Produktiounsanlagen da gesondert regelen.

Mir hunn der hei a Lëtzebuerg ongeféier 36. Do sinn ënnerschiddlecher, Dir fannt dat am Rapport zrëck, zum Beispill nennen ech der just fënnf an der Activité énergétique, mir hunn der néng an der Transformation des métaux, mir hunn der dräi an der Industrie minérale, mir hunn der zwou an der Industrie chimique an esou weider. En tout hu mer 36 Anlagen.

D'Gesetz gesäit also vir, ganz kloer, fir d'Éischt natierlech eng Preventioun vun den Ofgasen oder vun den Emissiounen. Dann natierlech d'Reduktioun an natierlech d'Vermeidung, esou gutt wéi et geet, vun der Eliminatioun vu Pollutiounen duerch déi industriell Aktivitéit nom Prinzip vum Pollueur-payeur. Mir brauchen u sech e Kader, ee Kader den u sech dat alles regelt vun der Quell bis hannen zu dem Ausstouss. An dofir gëtt dëst Gesetz eng Sécherheet, souwuel fir de Produzent wéi och fir d'Anrainer ronderëm déi Anlag, fir kënne hiren Asproch ze maachen.

„Wie brauch dann esou eng Autorisatioun?“, frot Der lech. Natierlech all déi Anlagen, déi virdu genannt gi sinn. Sief et och eng nei Anlag, déi op Lëtzebuerg kënn, déi kritt elo e Kader, an dee Kader probéiert dann, där Anlag esou gutt wéi méiglech Restriktiounen bezüglech den Ausstouss ze maachen.

Wat definéiert dann elo dës Autorisatioun? An dat ass natierlech ëmmer e Punkt, wou et Divergenze ka ginn. Mä en definéiert d'Héicht, den Niveau vun de Schuedstoffer, déi eng Anlag kann an d'Ëmwelt eraus emittéieren. An et ass do, wou d'Grenzwärter ganz wichteg ginn. Dat heescht, éischten muss de Kader gesat ginn. Et muss gekuckt ginn, dass déi Firma no der neister Technologie entspriechend dat dann ausübt. An, wat natierlech och wichteg ass, wa mer schonn eng Autorisatioun ginn, kënn de Kader natierlech och vun der lwwerwaachung. Dat heescht, dëst Gesetz regelt natierlech och d'lwwerwaachung an déi néideg Konsequenzen, wann der mussen ergraff ginn, fir d'Industrie entspriechend an deen néidegen Dénge eranzefueren.

De Prinzip ass esou wéi och beim Kommodo-Inkommodo: Mir probéieren „la meilleure technique disponible“ anzesetzen, an et ass och gängeg Praxis mëttlerweil an och vun der Industrie esou akzeptéiert an och vu ville Betriber

esou unerkannt. Well et ass och doduerch, datt eng Kompetitivitéit no bausse ka gemaach ginn.

D'EU huet probéiert, dat natierlech um Niveau vun deene sëllege Länner ze maachen, well och do keng Concurrence déloyale entsteet. Well et eng Direktiv ass, mussen natierlech den däitschen an de franséischen Industrielle sech un dëselwecht Normen halen. An dofir ass dat wichteg, dass hei deen Équilibre geschaf gëtt.

An zweetens, an dat ass vläicht dat Wichtegst vun dësem Gesetz och, gëtt e Referenzdokument erstallt vun der EU, dat u sech déi Richtlinie festleet. D'Direktiv seet am Artikel 76, stellt do d'Prozedur fest, wéi déi Referenzdokumenter zesummegeallt ginn. Do ass et e Comité, deen élaboréiert dat, réviséiert an, wann et muss sinn, gëtt en déi Direktiven..., oder déi Referenzdokumenter ginn ugepasst, an dat ass en Acte délégué. En Acte délégué ass dat, en ass d'application directe, dat heescht, wann d'EU dat bis festgestallt huet a festgeluecht huet, sinn déi Wäerter a Lëtzebuerger respektiv an national Gesetzgebung ëmzesetzen. Dat ass, mengen ech, ee vun deene wichtegste Kritären, déi hei an deem Gesetz sollten ernimmt ginn.

Dann natierlech eppes ganz Wichtige, dat huet een elo och gesi bei deene Projéten, déi ech virdu genannt hunn, wann et ëm d'Autorisatiounen geet, dëst Gesetz entsprécht ganz genau der Convention d'Aarhus. Ech mengen, dat ass eng ganz wichteg Gesetzgebung, wat hei an dësem Gesetz Afloss fonnt huet, nämlech d'Méiglechkeet vun de Bierger, vun de Leit ronderëm, fir Asproch ze erhiewen, fir kënne och entspriechend nozevollzéien, dass déi Anlag och entspriechend richteg a konform ass, an den Zougang zur Justice, wann et sollt zu Schwieregkeete kommen.

Zum Avis vum Statsrot. De Statsrot hat méi eng juristesche Reflexioun gemaach, insbesondere wat d'Ëmsetzung vun der Direktiv ubelaangt. Vläicht zwou Saachen. Den éischte Fall ass eben déi Ëmsetzung, wéi si et nennen, eng dynamesch Ëmsetzung. Ech hu virdu gesot vun deem Referenzdokument, wat op EU-Niveau gestallt gëtt, dass dat d'application directe ass. An dësem Gesetz gëtt dat entspriechend och esou vermierkt am Kader, dat ass den Artikel 4, deen dat virgesäit, dass eng Rei vu Referenzen direkt da kënne ëmgesat ginn, wann d'EU dat mat Acte délégué gemaach huet. Duerfir muss am Gesetz eng Referenz op de Mémorial gemaach ginn. Am Mémorial gëtt da Referenz erëm op d'EU gemaach, esou dass dat direkt novollzéierbar ass an och direkt d'Anlagen entspriechend kënne transposéiert respektiv ugepasst ginn op déi Dénge.

Déi Propos ass natierlech vun der Kommissioun esou ugeholl ginn. Dat ass och gängeg Praxis. Ech wëll just op d'Gesetz vun... well mer dat scho méi dack diskutéiert hunn an de Chamberskommissiounen, et ass déi éischte kéier ugewannt gi bei der Direktiv, wou et ëm d'Sécurité des jouets gaangen ass, wou u sech dëselwecht Problematik sech stellt: ëmmer nei Normen an déi Norme sollen esou séier wéi méiglech ëmgesat ginn.

Dës Normen hei an dësem Fall passen op dräi Annexen. Dat sinn d'Annexe 5, 6 a 7, déi um Gesetz mat dru sinn an déi dann entspriechend sech ëm d'Dispositions spéciales applicables aux installations de combustion... Et geet ëm d'Dispositions spéciales applicables aux installations d'incinération des déchets. Dat ass d'Müllverbrennung. An en drëten ass och nach „aux activités utilisant des solvants organiques“. Also ass et da wichteg, dat och länneriwwergräifend ze maachen. D'EU-Kommissioun huet sech verpflichtet an hirer Direktiv, lafend dëst Referenzdokument dann unzepassen.

Et sinn awer och aner Annexe mat dem Gesetz hei dobäi. Dës Annexe bezéie sech dann natierlech op eng ganz Rei vun Aktivitéiten, déi an deem Beräich sinn, sief et energetesch, sief et iwwer Metaller, déi verschafft ginn, sief et ëm Industrie minérale, Industrie chimique. Déi Annexe sinn och dësem Gesetz bäigefügt a kënne spéider duerch Règlements grand-ducaux ersat ginn.

Do hat just awer de Statsrot e kleng Problem, well e gesot huet, wéinst dem Parallélisme des formes, huet e gemengt, éischter déi Annexen an d'Gesetz eran ze huelen, respektiv direkt d'Annexen als Règlement grand-ducal ze publiézieren, aus awer Transparenz och vis-à-vis vun der Direktiv. Well d'Direktiv dat och mat Annexe mécht, respektiv och well d'Gesetz vum Kommodo-Inkommodo dëselwecht Prozedur ugewannt huet, esou dass d'Kommissioun gesot huet, mir sollten dat no deemselwechte Schema maachen. Dofir ass dat och hei geschitt.



Dat sinn u sech déi wichtegst Kritäre vun dësem Gesetz. Vlächcht nach zwee Wieder zu de Chamberen. D'Chambre des Salariés huet dat guttgeheescht. D'Chambre de Commerce huet natierlech d'Kompetitivitéit vun de Betriber wellen erviruffen, dass net mir ze streng wieren. Mä hei muss ganz kloer gesot ginn, dass dofir och d'EU dat an deem Sënn gemaach huet, well et europäesch ass, well den Noper dat och muss uwennen, ass et u sech eng ganz wichteg Direktiv, well déi Däitsch, wéi virdru gesot, déi Belsch oder d'Fransouse sech och un dat mussen halen.

E positive Punkt ass, dass d'Elektronik och hei am Gesetz hir Retombée fënnt, dat heescht all Autorisatioun soll spéiderhin och iwwert den elektronische Wee kënnen gemaach ginn.

Ech mengen, dat wier de gréissten Deel vun deene wichtegsten Elementer hei vun dësem Gesetz. Et ass ageedeelt an 71 Artikele mat siwe Kapiteln, wou déi eenzel industriell Produktiounen opgeléist sinn, vun der Autorisatioun bis zu der Kontroll an der Sanktioun. Ech denken, dann hunn ech de Gros duerch.

Den 13. Mäerz 2014 koun d'Kommissioun zesummen, wou och nach en zweeten Avis complémentaire gekuckt ginn ass a wou eestëmmege dëse Rapport ugeholl ginn ass. An ech géif da bieden, och hei dann déi Eestëmmege deem Gesetz ze ginn, an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marcel Oberweis.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis (CSV).** - Här President, Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Ministesch, erlaabt mir um Ufank, wéi ëmmer, dem Henri Kox Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport, dee viles beinhalt. Do brauch ech net ze vill drop anzegoen. Mä ech wollt e puer Wuert awer soen, well dat hei eng europäesch Direktiv ass iwwert d'Emissiounen, déi mer an dat nationaalt Recht ëmsetzen an déi eis Industriebetriber, mir hunn der jo nach e puer, mussen awer anhalen.

Mat dem Gesetzesprojekt selwer soll d'Pollutioun duerch déi industriell Aktivitéite reduzéiert ginn. Dat ass jo e Wunsch op ville Bänken. Well op null kënnen mir se wuel net setzen, well dann d'Betriber de Schlëssel ënnert den Teppech misste leeën.

Wann et nach viru ronn zéng Joer de Brauch war hei am Land bei de Betriber, den End-of-pipe-Technologien de Virrang ze ginn - dat ass kucken, wat hannen erauskomm ass an da propper ze maachen -, esou läit hautdesdaags ëmmer méi de Virtrag an de Virsproch fir eben déi „in front of the pipe“, wat also vir ka gemaach ginn, dass hannen näischt Knaschtesge méi soll erauskommen.

Mat Hëllef vun dësen Technologieën sollen engersäits manner natierlech Ressourcen, wéi zum Beispill Eisenäerz, Bauxit, Kuel, Äerduelech an Aerdegas verbraucht ginn, an anerersäits d'Emissiounen an der Atmosphär reduzéiert ginn. Hale mer et fest, d'Liewensressourcen, de Buedem, d'Loft an d'Waasser gi manner belascht an d'Liewensqualitéit vun de Mënschen erhéicht sech. Doniewent soll manner Offall produzéiert an d'Energieeffizienz eropgeschrauft ginn.

Vun den Industriebetriber gëtt awer verlaangt, et ass elo grad och erkläert ginn, eng integréiert Approche an der Preventioun an an der Reduktioun vun all hiren Emissiounen ze huelen, dat heescht ee vernetzte Gedanken an der Betribsgestioun. Fir dass d'Preventioun an d'Reduktioun vun der Pollutioun gräifen, mussen dës Betriber fir hir technesch Anlagen, déi hei viséiert sinn, all déi néideg Autorisatiounen virweise kënnen.

Et läit dofir op der Hand, dass de Gesetzgeber déi maximal Wäerter fir d'Emissiounen vun de schiedleche Substanzen virschreift an déi och dann agehale mussen ginn. Déi Instanze mussen regelméisseg op den Terrain kënnen goen, fir Kontrollen ze maachen, op d'mannst eng Kéier am Joer. D'Betriber mussen sech awer och selwer permanent kontrolléieren an déi staatlech Instanze lafend iwwert d'Emissiounen informéieren.

An domat kommen ech zum wichtegste Begrëff vun dem Gesetzesprojekt. Et gëtt vun de Betriber verlaangt, dass si déi technesch beschten Technologien am Sënn vun der Ëmweltentlastung, déi um Maart sinn, asetze mussen. Dat kascht natierlech dann Investitiounen. An der Europäescher Unioun ginn et genuch

Ennerlagen, déi d'Betriber iwwer all dës Équipements informéieren a souguer huet d'Europäesche Kommissioun sech bereet erkläert, dass se alle Partner géif hëllefen, déi Technologien um Maart dann zougänglech ze maachen an och all d'Ennerlagen.

Och wann d'CSV de Projet ënnerstëtzt hei, esou wollt ech awer froen, Madame Ministesch, wéi et sech da verhält, wann ee Betrib seng Diere muss zoumaachen an eventuell nach eng Contaminiatioun virläit, sief et am Buedem oder anerwärts: Wie soll dann d'Käschte vun der Entsuerger iwwerhuelen? Ech denken, dëse Punkt, dee misst een awer am Kontext vun der Reform vum Kommodo-Inkommodo-Gesetz nach eng Kéier op de Leescht huelen.

Wann hei vun Ëmweltschutz geschwat gëtt, dann ass et jo bal normal, dass d'Betriber dës technesch Ëmweltschützeresch Aktivitéite selwer bezuele missten. Virun e puer Woche konnt ee liesen, dass eise Wirtschaftsminister enger Firma am Süde vum Land, déi an den Ëmweltschutz investéiert huet - ronn 3,1 Milliounen -, dass de Stat do 510.000 Euro bäigeschoustert huet. Hei sollen dann 3.000 Tonnen CO₂ bannent fënnf Joer agespuert ginn. Wann ech et ausrechnen, fannen ech dat ee ganz héije Präis, fir eng Tonn CO₂ anzespuren!

Meng Fro dofir: Sinn esou Hëllefen iwwerhaupt erlaabt aus der Siicht vun der Europäescher Kommissioun? An zweetens: Kënnen elo all d'Betriber esou Demanden stellen, fir gehollef ze kréien, wann dëst Gesetz an d'Applikatioun kënnt?

Mäi leschte Punkt behandelt nach d'Konvention vun Aarhus, ee wichtege Punkt hei. Hei muss ee begrëssen, dass am Gesetzesprojekt d'Participatioun vun de Matbirger ervirgehuewe gëtt. Duerch dëse Schrëtt kënnt et zur demokratescher Biergerbedeelegung - ech mengen, dëse Punkt gëtt vun alle Bänken hei gedroen -, esou dass hei eng Transparenz spille kann. A souguer kënnen d'Matbirger viru Geriicht goen, wann et zu Mëssstänn duerch en Industriebetrieb an hirer Noperschaft, oder wann et bekannt ass, kënnt.

Et geet hei jo, loosse mer eis näischt virmaachen, ëm d'Erhale vun der Biodiversitéit an ëm d'Liewensqualitéit vun alle Mënschen. Ech mengen, dat ass e wichtege Punkt hei, well mer jo grad haut oder gëschter dee leschte Rapport vun der IPCC vu Yokohama kritt hunn. An ech mengen, do ass ee wichtege Saz gesot ginn: „Mir liewen an engem Zäitalter vum Mënsch verursaachte Klimawandel.“ Ech denken, et ass gutt, dass hei am Land zumindest esou Gesetzter an d'Wee geleet ginn, fir de Leit ze hëllefen, de Betriber an de Mënschen, dass et besser gëtt.

Dat gesot, den Accord vun der CSV erabruecht an ech soe Merci fir d'Nolauschteren, wéi ëmmer.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Oberweis. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass de Roger Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Président-rapporteur Henri Kox Merci soe fir seng exzellent Rapporten, schrëftlech wéi mündlech. Als LSAP begrësse mer, dass mer fir d'Betriber mat industriellen Emissiounen elo e separat Gesetz kréien, erausgeléist aus dem bestehende Kommodo-Inkommodo-Gesetz. Dëst erlaabt nämlech elo eng integréiert Approche an der Preventioun an an der Reduktioun vun den industriellen Emissiounen, doduerch dass d'Gesetz net nëmmen d'Loftverschmutzung analyséiert, mä och all Zort vu schiedleche Stoffen, ob se an d'Loft, d'Waasser oder an de Buedem ausgeschott ginn.

Mir begrëssen och des Weideren, dass um Niveau vun der Simplification administrative et zu Verbesserung kënnt, andeems d'Betriber net nëmmen elektronesch hir Demanden fir d'Kommodosprozedur kënnen erareeche, mä awer och de Suivi vun dëser Demanden weider novollzéie kënnen iwwert den elektronische Wee.

Dëst Gesetz bréngt, wéi scho gesot, nei Obligatiounen a Responsabilitéite fir d'Exploitanten mat sech. Zu Lëtzebuerg, wéi den Här Rapporteur scho gesot huet, betrëfft dat de Moment 36 Entreprises, déi no der „meilleure technologie disponible“ mussen schaffen, fir dann déi schiedlech Emissiounen do ze reduzéieren.

Dobäi kann ee sech just d'Fro stellen, bei deene Limiten, déi mer eis virginn, dass trotz der Kontroll all véier Joer, Réexamen périodique des autorisations duerch eng Étude technico-économique gemaach gëtt, ob déi sougenannten MTD, déi „meilleures technologies disponibles“ och permanent funktionell sinn, a wien, le cas échéant, esou e Contrôle inopiné géif maachen.

Vu dass déi europäesch Zertifikatioun EMAS - „Eco-Management and Audit Scheme“ - nëmme weéng Succès bis elo hei zu Lëtzebuerg hat, wollt ech d'Madame Ministesch froen, ob se gedenkt, dës Zertifikatioun an Zukunft méi geziilt ze promovéieren.

Zum Schluss, Här President, begrësse mer och nach, dass konform, wéi den Här Oberweis et och elo scho gesot huet, zur Aarhus-Konvention den Accès zur Participatioun an zur Informatioun fir de Public nach méi no engem partizipative Kader ausgeriicht gëtt, wéi et virdru bei der IED-Direktiv och scho war.

An domat ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Negri. Als Nächsten huet den Här Baum d'Wuert.

► **M. Gilles Baum (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Henri Kox Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport.

Just e puer Remarquen. De Projet de loi 6541 betrëfft 36 verschidden industriell a landwirtschaftlech Installatiounen hei am Land, aus deenen ënnerschiddlechsten Industriesectoren, vun der Energie bis zur Offallverbrennung. Dëst sinn Entreprises, déi duerch d'Natur vun hirer Aktivitéit en héije Risque droen, eis Ëmwelt ze belaschten. Leider ass et oft esou, dass eng industriell Produktioun Konsequenzen um Ëmweltplang huet. An trotzdem si mer op dës Betriber ugewisen, denkt een nëmmen emol drun, dass mer och eisen Offall musse verbrennen.

Mir dierfen dann och net vergiessen, an ech soen dat ganz kloer hei am Kontext vun där geplangter Asphaltfabrik, wa mir weiderhi wellen zu Lëtzebuerg Stroosse bauen, da muss et och méiglech sinn, zu Lëtzebuerg en Asphaltwierk ze bedriewen. Awer selbstverständlech ënner kloren an transparenten Oplagen! Et ass der Ëmwelt nämlech och net gehollef, wa mir eis Industrie an d'Ausland verbannen an hei zu Lëtzebuerg nach just Dëngschtleeschunge wellen ubidden.

An ech muss lech soen: Ech hunn d'Industrie léiwer hei am Land, mat kloren, rasonablen Ëmweltoploen, wéi an aneren Deeler vun der Welt, wou mir net wëssen, wat fir eng Kritären dass agehale ginn.

Et ass richtig a wichtig, dass mir iwwert dëse Gesetzesprojekt den Entreprisë méi streng Ëmweltoplage ginn an derfir suergen, dass si um neiste Stand vun der Technik bliewen, fir den Impakt op d'Ëmwelt esou staark wéi méiglech ze reduzéieren. Och d'Méiglechkeet fir de Bierger ze participéieren, ass duerch dëst Gesetz gestärkt ginn.

Et ass och richtig, dass mir als EU eng Virreideroll ze spillen hunn. Gradesou wichteg ass et awer och, dass mir déi Oplagen esou einfach an onbürokratesch wéi méiglech fir eis Betriber maachen, ouni eis Wäerter aus den Aen ze verléieren.

Ech sinn dofir besonnesch frou, dass dëse Projet, dee jo eng Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv ass, zu enger Vereinfachung um gesetzlechen Niveau bäidréit, andeem europäesch Direktiven zesummegeluucht ginn a mir elo heimadde e kohärente Gesetzesprojekt virleien hunn. Awer och, dass d'Betriber iwwert dëse Projet fir d'éischte Kéier hir Ufro fir d'Autorisatioun wäerten elektronesch areeche kënnen, fannen ech e wichteg Signal a Richtung Simplification administrative. Datselwecht gëllt fir den elektronische Suivi vum Dossier am Kader vum sougenannten „E-Commodo“.

Ech mengen dofir, dass mir mat dësem Projet de loi e gudde Kompromëss fonnt hunn tëschent der berechtigter Demanden no méi Ëmweltschutz a Biergerparticipatioun a rasonablen Oplagen fir d'Entreprises.

Ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Baum. Als leschten ageschriwwene Riedner huet den Här Justin Turpel d'Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur net nëmme Merci soen, mä och eppes kloerstellen. En huet gesot, et wier een unanimë Vote gewiescht an der Kommissioun. Neen, leider net! Et war eng Enthaltung do. An dat war meng.

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.** - Entschëllegt!

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Et ass kee Problem. Ech ka jo vun der Geleeënheet profitéieren, fir déi ze erklären, well et ass menger Meinung no e wichteg Gesetz.

Et ass d'Ëmsetzung vun enger Direktiv vun

2010, déi eng Direktiv vun 2008 ersetzt. Dat heescht, d'Direktiv vun 2008 ass schonn no zwee Joer ersat ginn, wat drop hiweist, dass mer an deem Beräich do eng relativ rasant Entwécklung hunn. An elo si mer scho véier Joer méi spéit, an d'Fro stellt sech, ob mer där Entwécklung, mat där déi Industrie sech do weiderentwéckelt, am Positiven an am Negative weiderentwéckelt, ob mer där kënnen..., ob mer do kënnen Fouss halen.

Et ass och esou, dass, wéi d'Direktiv gemaach ginn ass, déi 2010er Direktiv, fir déi 2008er ze ersetzen, déi Direktiv bei den Ëmweltorganisatiounen an Europa e bëssen ëmstridde war. An d'Ëmweltorganisatiounen an Europa hu sech net kloer dozou ausgedréckt, well et engersäits ee Fortschritt war par rapport zu deem, wat virdru bestanen huet, fir effektiv eng integréiert Approche ze kréien, an anerersäits d'Ëmweltorganisatiounen et awer net ganz ambitiéis fonnt hunn, awer trotzdem festgestallt hunn, dass, wann ee kuckt, wat déi Industrie do alles an d'Loft an an de Buedem an esou weider ausgeschott huet, et schonn ee Fortschritt wier, wann dat an alle Länner géif ugewannt ginn.

Et muss een och wëssen, dass dat heiten eng Geschicht huet. Et ass d'Geschicht vum leschte Jorhonnert. Mindestens der zweeter Halschent vum leschte Jorhonnert, wou d'Illusioun bestanen huet vum „tout chimique“. Et kéint een alles mat Chimie maachen. Et kéint een alles haaptsächlech mat der Pétrolchimie maachen, mat synthetischer Chimie. Et kéint een d'Bëscher, d'Holz, alles, d'Miwvelen, Haiser, alles nëmme mat Chimie maachen. An et huet sech erausgestallt, dass dat awer net esou ass.

Et huet sech zwar domadder eng héich profitabel Industrie opgebaut, déi sech och laang keng Suerge gemaach huet iwwer alles dat, wat se do ausgestouss huet an der Ëmwelt an de Leit zougemuut huet. An et muss ee jo och feststellen, dass déiselwecht Industrie ganz dacks a ganz laang bewosst, aus renge Profitgrënn - well dat war et an näischt anescht -, e groussen Deel vun hirem Offall net nëmmen an d'Loft, an d'Ëmwelt entlooss huet, an d'Mier gehait huet, wou en haut nach läit, a ganz vill Zäitbomme geschaf huet.

Ech wëll elo net op all déi Grausamkeeten agoe vun der Chimieindustrie, vun der Pétrolindustrie a puncto Ëmweltverschmutzung, mä och haut si mer nach domadder konfrontéiert, wat eis Kleeder ugeet, wat eis essen ugeet, wat d'Loft ugeet, wat d'Waasser ugeet, d'Oberflächewaasser, d'Mier, d'Grundwaasser, wat de Buedem an esou weider ugeet. An et gëtt Deeler vu Bevëlkerungen, déi ënner ganz penibele Konditiounen fir d'Chimieindustrie produzéieren an all Dag am Fong geholl am Knascht mussen schaffen an erliewen, wat déi Industrie ganz konkret heescht.

Och zu Lëtzebuerg sinn d'Iwwerbleibsel vun där Praxis a vun där Industrie nach net aus der Welt geschafen. Och de CASA-Tipp fanne mer zum Deel zu Monnerech erm. Och dat, wat d'ARBED alles am Buedem leie gelooss huet, fanne mer zum Deel ënnert de Gebaier erm, déi mer haut op Belval bauen. A wa mer den Zoustand vun eise Flëss kucken, wësse mer, dass mer d'Saach net an der Rei hunn.

D'Gesetz proposéiert eng Ëmsetzung vun der Direktiv, ech géif soe bal eent zu eent. Déi puer Annerungen, déi gemaach ginn zu Lëtzebuerg, déi sinn der Chambre de Commerce schonn ze wäit gaangen. An duerfir muss een d'Chambre de Commerce awer trotzdem froen: Wat ass méi wichteg an esou engem Gesetz, oder iwwerhaupt op der Welt, d'Mënschen oder d'Produktionsbedéngungen, ënnert deenen een haaptsächlech wëllt Profit maachen?

Ech wëll och soen, dass bei der Ëmsetzung an Däitschland vun der Direktiv, well se net ganz ambitiéis ass, déi Lénk an déi Gréng an Däitschland dergéint gestëmmt hunn an d'SPD sech enthalten huet. Bon, elo si mer net an Däitschland, d'Ëmsetzung ass net déi nämlech. Duerfir stëmme mer net dergéint. Mir enthalten eis, well ee wierklech eigentlech och mist vill méi an den Detail vun deem Gesetz eragoen.

Wéi dat Gesetz den 13. Mäerz 2014 während, mengen ech, fënnf Minutten nach eng Kéier diskutéiert ginn ass an der Kommissioun, war et net d'Aufgab vun deenen, déi nei sinn an där Kommissioun, fir ganz zréckzeschrauwen op dat Joer virdrun. Mir hu scho véier Joer Retard, wat d'Ëmsetzung ugeet. Duerfir ass et gutt, dass dat Gesetz ëmgesat gëtt. Mir enthalten eis awer aus deene Grënn, déi ech elo erkläert hunn.

Just nach ee Saz zu där berechtigter Fro, déi de Marcel Oberweis opgeworf huet, iwwert d'Garantie oder iwwer wat geschitt, wann ee Betrib, dee wierklech de Buedem oder d'Ëmwelt verschmutzt, wann dee faillite geet an net méi zur Rechenschaft ka gezu ginn. Dat ass méi wéi eng berechtigter Fro. En huet se schonn an der Kommissioun gestallt gehat, en huet bis elo nach keng Äntwert kritt. Ech fannen, dass d'In-



dustrie insgesamt zesumme misst ee Garantie-fong schafen, fir esou Situatiounen ofzesécheren, an dass et net un der Allgemengheet an un de Steierzueler ass, fir dat ze bezuelen!

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Turpel. Domat wär d'Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert. Madame Ëmweltministesch, wann ech gelift.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.**- Jo, éischstens emol Merci. Merci, Här President, Dir Damm an Dir Härren Deputéiert, fir d'Éischt emol e ganz grouesse Merci un den Henri Kox, un de Rapporteur, fir deen exzellente Rapport. Do ass u sech schonn immens villes gesot ginn. An ech sinn ausserdeem och frou, dass u sech d'Kommissioun sech esou schnell där Saach hei ugeholl huet an dass esou gutt matgeschafft gouf.

Well et gouf elo schonn zwee-, dräimol gesot: Mir sinn hei an enger Urgence, well u sech déi heiten Direktiv hätt missen de 7.1.2013 schonn hei an d'nationaalt Recht ëmgësat ginn. A mir kruten u sech am Februar schonn en Avis motivé a sinn also an Zugzwang. Ech soen lech dofir och e ganz grouesse Merci fir Är Ënnerstützung am Virfeld.

Déi IED-Direktiv ass an e puer Punkte ganz wichteg: Engersäits ass et esou, dass déi integrativ Approche, déi ass ganz gutt. Well, bon, et gouf elo deelweis hei ugeschwat, et ass esou, dass do eng Evolutioun ass vun der IPPC-Direktiv vun 2008, an dass eben elo dës IED-Direktiv aacht, siwe weider Ëmweltdirektiven zu engem eenzege Text regroupéiert, mer also eng Simplificatioun hunn. An an deem Kader soll ee se och gesinn.

Zousätzlech, an den Henri Kox hat dat och gesot, entsprécht et och der Konventioun vun Aarhus, wou mer u sech méiglechst fir Transparenz sinn.

Dräi, véier Wierder nach zum EMAS. Dat ass och ugeschwat ginn. Well mer bis ewell wësen, dass do bis ewell nach net esou vill geschitt ass, hu mer an eiser Ëmweltverwaltung gekuckt a mir hunn erausfonnt, dass mer nach en hallwe Posten hätten, plus en hallwen, dee mer kreéieren. Dann hu mer ee Posten, wou mer dann an Zukunft wäerte verstärkt dorunner schaffen; un EMAS an Ecolabel.

An dann nach déi aner Froen. Bon, et ass esou, dass e Betrib - wa mer elo de Buedem huelen - muss am Ufank an zum Schluss eng Etüd maachen, an dass zousätzlech nach d'Obligatioun vun der Surveillance besteet; an zwar vum Exploitant an awer och der Administratioun. An dat bedeit awer schonn - an dat muss ee soen - eng zousätzlech Sécherheet, engersäits fir d'Awunner an anersäits awer och fir déi eenzel Entreprises, ze wëssen, wou se dru sinn.

An där Hisiicht ass dëst Gesetz, menger Meinung no, e grouesse Fortschrëtt, och wann et kritiséiert gouf. Zum Beispill vun Ëmweltorganisatiounen gouf et jo deelweis kritiséiert, dat hu mer och gesinn, awer dat läit haaptsächlech dorunner, dass si gemengt hunn, dass d'Influence eventuell vun den Industrien ze grouss wär.

Ech mengen, dass mer einfach musse soen, dat dote schreift sech an de Kader vun der Simplifikatioun, vun der Sécherheet engersäits vun den Emissiounen fir d'Awunner, an anersäits awer eben och fir d'Betriben an.

Ech soen lech villmools Merci fir Är Ënnerstützung.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och der Madame Ëmweltministesch. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6541 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6541 et dispense du second vote constitutionnel

De Vote huet ugefaangen. D'Procuratioun. De Vote ass ofgeschloss. An de Projet 6541 ass mat 55 Jo-Stëmme bei 5 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, Gilles Baum, Mme Simone Beisel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Marc Hansen, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass een do, dee seng Abstentiuon wëllt motivéieren? Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Merci, Här President. Jo, d'ADR huet sech enthalen, net well mer e Problem hätte mam Objet selwer vun dëser Transpositioun vun enger Direktiv, mä mat enger prozeduraler Fro.

Ech soen dem Här Kox Merci fir säi ganz gudde Rapport, an deem en eis jo och explizéiert huet, wéi déi legal Prozedure sinn an datt et do Elementer vun Application directe gëtt. Dat heescht, datt europäesch Rechtsakten da praktesch ouni iergendeng Interventioun vun enger Lëtzebuerger Autoritéit hei direkt Rechtsgültigkeit kéinten hunn. Dat entsprécht enger federaler Vue vun Europa, déi mir net deelen.

Mir denken, datt Lëtzebuerg, als souveräne Stat, ëmmer eng Méiglechkeet muss hunn, op legal Akter, op reglementaresch Akter, déi hei verbindlech Wirkungen hunn, kënnen Afloss ze huelen. An dofir wiere mer eis géint esou en direkte federalen europäeschen Afloss an eis Législatioun.

Mir denken, datt et eng Prozedur, eng Approbatiounsprozedur hei am Land muss ginn. Dat kann eng liicht Prozedur sinn, mä si muss existéieren, fir och kloer ze weisen, datt mir e souveräne Stat sinn an e souveräne Stat bleiwen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och fir d'Motivatioun vun der Abstentiuon.

Ech géif dann d'Chamber nach froen, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete verfassungs-méissege Vote ze ginn.

(Assentiment)

► **Une voix.**- Neen!

► **M. le Président.**- Jo, ech géif mengen, dass dat eng grouss Majoritéit ass. An dofir soen ech lech Merci.

Mir géifen dann zu deem nächste Projet iwwergoen oder zu deenen nächste Projeten, well et ass gefrot ginn, ob mer déi zwee Projekte kéinte matenee behandelen. Et ass deeselwechte Rapporteur an et sinn déiselwecht Riedner, soudass ech géif mengen, vu dass mer bei zwee Projekte sinn, dass mer dem Rapporteur déi noutwendeg Zäit géife ginn an och deenen eenzelne Riedner déi Zäit, déi se fir déi zwee Projeten zergutt gehat hätten.

Ass dat am Sënn vun der Chamber?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

Den éischte Projet ass de Projet 6617, en Accord iwwer eng Associatioun tëschent den EU-Länner an Zentralamerika. De Basismodell ass fir d'Riedezäit virgesinn. Ech hu bis elo als ageschriwwen Riedner fir déi zwee Projeten: den Här Graas, den Här Kartheiser an den Här Turpel. An elo huet direkt d'Wuert den honorabele Rapporteur, den Här Marc Angel, och zu deem zweete Projet, dem 6618.

11. 6617 - Projet de loi portant approbation de l'Accord établissant une association entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et l'Amérique centrale, d'autre part, signé à Tegucigalpa (Honduras), le 29 juin 2012

6618 - Projet de loi portant approbation de l'Accord commercial entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Colombie et le Pérou, d'autre part, signé à Bruxelles, le 26 juin 2012

Rapports de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

Rapport sur le projet de loi 6617

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Jo, Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleginnen a Kollegen, Merci, dass mer déi zwee Rapporte kennen zesummen huelen, well et handelt sech vum Contenu hier ëm Ähnlech an et ass och all Kéier eng Approbatioun vun Accorden zwëschen der Europäescher Unioun, hire Memberstaten an anere Länner a Géigenden. An hei ass et och mat latäinamerikanesche Länner, soudass dat scho gutt ass, wa mer dat hei zesummen traitéieren.

Ech wollt dann ufänke mam Projet de loi 6617,

wat en Accord ass iwwer eng Associatioun zwëschen der EU, hire Memberstaten op där enger Säit, an op där anerer Säit Zentralamerika. An dat sinn déi sechs Länner: Costa Rica, El Salvador, Guatemala, Honduras, Nicaragua a Panama.

Et ass e wichtege Schrëtt, mengen ech, an der Relatioun zwëschen dësen zwou Regiounen. An dësen Accord ass entstanen am Joer 2006, wou e Sommet war zwëschen der EU an der Amérique centrale. An do ass d'Iddi lancéiert ginn, fir Négociatiounen ze maachen, fir esou een Accord ofzeschlëssen; mat engem Accord de libre-échange, dee mat abegraff ass. D'Négociatiounen sinn 2007 opgaangen an 2010 am Mee ofgeschloss ginn an den Accord ass 2012 signéiert ginn.

Esou en Accord, en Accord d'association - an dat muss een ënnersträichen - ass dee wichtigsten Typ vun Accorden, deen d'Europäesch Unioun mat engem Land, mat engem aneren Drëttland oder mat enger Regioun an der Welt ofschlësse kann. Esou en Accord gëtt awer och nëmme Partnere proposéiert, mat deenen d'Europäesch Unioun eng ganz staark Relatioun huet, déi op géigesäitegem Vertraue berout an awer och op gemeinsame Valeuren a Prinzipien.

Esou en Accord d'association baséiert op dräi Pilieren: Éischtens den Dialogue politique, zweetens d'Zesummenaarbecht an drëttens ass e Violet Handel dran.

Beim Violet Handel rechent d'EU-Kommissioun vir, dass fir béid Säiten eng Hausse vu 25 bis 30% vun de Flux commerciaux virgesi gëtt. Et sinn och Etüde gemaach gi vun der Kommissioun an déi soen, dass de Revenu an deene sechs zentralamerikanesche Länner erop wäert goen an dass och d'Salären do eropginn an dass och dat zu der Reduktioun vun der Aarmut bäidroen kann.

Wichteg ass och, dass esou en Accord d'Konso-lidéierung vun de Relatiounen zwëschen zwou Regiounen befestegt. An et ass och déi éischte Kéier säit der Adoptioun vum Traité de Lisbonne, dass et esou en Accord bi-régional ass, dass et net d'EU mat engem Drëttland ass, mä dass et d'EU mat enger anerer Regioun ass, déi jo och amgaangen ass, sech ze integréieren. Den Accord reit sech an an déi Politique commerciale externe vun der Europäescher Unioun, déi jo och baséiert op der Strategie 2020.

E ganz wichtigen Aspekt... - ech wëll elo net an all Detail hei eragoen, well mir haten dee Punkt dräimol um Ordre du jour vun der aussepolitescher Kommissioun, dofir brauch ech hei net méi an all déi Detailer eranzegoen, déi mer do en long et en large diskutéiert hunn -, ech wëll lech just soen, wat ganz wichteg ass, ass d'regional Integratioun och vun deene sechs Länner an Zentralamerika. Dat ass e Punkt, deen an deenen Accorde ganz fest ënnerstrach gëtt.

Ech wëll och soen, dass d'Europaparlament den 11. Dezember mat enger ganz grousser Majoritéit och dësen Accord ugeholl huet.

Wat wichteg ass, et ass e ganz laangen Text. Et ass en Text vu 550 Säiten, wann een all d'Annexe kuckt. Et ass wierklech eng riseg Brique. An et ass interessant, déi Partie vum Dialogue politique, déi ass ganz wichteg, well ech hat jo virdru gesot, dass d'EU nëmmen esou Accorde mat Regiounen, mat Länner mécht, déi déi nämlechte Valeuren deelen, an déi ginn awer och da widderholl. An hei gëtt ganz kloer gesot, wat ganz wichteg ass an deem Accord, dat ass de Renforcement vun der Kooperatioun a verschiddenen Domänen, wéi zum Beispill de Mënscherechter.

Mam Computer ass dat jo haut ganz einfach, wann ee wëllt kucken, wéi vill Mol dat d'Wuert Droits de l'Homme dra virkënn - ech hunn deen Exercice gemaach: Iwwer 30, 25-mol kënnt deen Term an deem Text vir. Et ass ganz wichteg. An da ginn et nach och Mechanismen, wéi dat kontrolléiert ka ginn, dat ass och ganz wichteg, do kommen ech herno nach drop ze schwätzen. D'Prévention des conflits, d'Bonne gouvernance, d'Réduction de la pauvreté, d'Intégration régionale, déi ech scho gesot hunn.

An dann zwee Aspekter, déi och ëmmer wéi e Fil rouge duerch déi Texter ginn, dat ass d'Protektioun vum Environnement, also déi Ëmweltdimensioun, an och déi sozial Dimensioun, déi ganz groussgeschriwwen gëtt.

Dësen Accord huet dann och déi Partie commerciale, an do ähneln en deem nächsten Accord, dee mat Peru a Kolumbien ass, wat e rengen Handelsaccord ass. An an deem Accord, an där Partie commerciale ginn natierlech verschidden Exportatiounen liberaliséiert vu Produits industriels, Fëscherprodukter, déi brauchen da keng Droits de douane méi ze bezuelen.

D'Unioun, wat awer och wichteg ass, présen-

véiert d'Tarifs préférentiels an asymmetreschen Tariffer en faveur vun de sechs zentralamerikanesche Länner. Déi wäere soss zur Échéance komm am Joer 2014. An et ass gutt, dass mer déi asymmetresch an och déi préférentiel Tariffer halen, fir déi Marchéen an deene Länner, verschidde Secteuren ze schützen.

Besonnenesch an der Agriculture ginn och d'Droits de douane eliminéiert. Mä - mä, an dat wëll ech ënnersträichen, besonnenesch well och vu verschiddenen ONGe Kritik geübt ginn ass -, et ass ganz wichteg ze ënnersträichen, dass et an deem Accord och définéiert Zones sensibles gi fir déi lokal Mäert. An ech mengen, dat ass e wichtege Punkt, deen och fir eis vun der LSAP ganz wichteg ass.

Zentralamerika bénéficiéiert vun neien Accèsen op d'Mäert vun der Unioun, wat hir Bananneproduktioun ubelaangt, Zocker, Fleesch, Rum an esou weider. Awer et sinn natierlech och Clauses de sauvegarde virgesinn, wann et zu Effets pervers géif kommen.

D'Kooperatioun am Domän vum Marquage a vum Étiquetage an Harmonisatioun vun Normen, dat facilitéiert, dat évitéiert bürokratesch Hürden. An dat mécht et méi liicht an dat facilitéiert dann d'libre Circulation vun deene Gidder an déi zwou Richtungen.

Och nach wichteg ass ze ënnersträichen, dass et 224 Indications géographiques ginn, déi geschützt sinn. Ech mengen, dat ass och wichteg fir d'lokal Produktioun. Ech hunn dat virdru scho gesot, et ass wichteg, dass d'lokal Produktioun a lokal Nominatiounen protegéiert ginn op där enger Säit, mä och op eiser Säit.

Och d'Protektioun vun der Diversité biologique ass ervirgestrach dofir. An et ass en Engagement, e ganz wichteg Engagement, e spezi-fescht Engagement dran, wat d'Fëscherei ubelaangt, wou d'Pêche durable, also déi nohalteg Fëscherei och ënnerstrach gëtt, dass dat wichteg ass.

Déi ganz Partie commerciale, déi traitéiert also déi Interrelatiounen tëschent dem Commerce, de Sozialpolitiken an der Ëmwelt. An dat ass ganz wichteg. Och déi ganz OIT-Norme ginn hei erwähnt.

An ech wollt nach e puer Saachen derbäifügen, well mer jo e rezente Communiqué hate vun dräi ONGen, an dofir wëll ech hei soen, dass et an deem Accord hei ee ganz Kapitel gëtt iwwer Commerce an Développement durable. An hei gëtt et och e Mécanisme de suivi. Dat ass den Artikel 294. An dee gesäit vir, dass age-riicht gëtt e Conseil sur le commerce et le développement durable, deen zesummegeat gëtt aus Autoritéiten aus de Verwaltungen vun alle Parteien aus dësem Accord.

An da gëtt et nach méi e wichtigen, a mengen Aen, Artikel, dat ass den Artikel 295. Dee concernéiert den Dialog mat der Zivilgesellschaft. Et ass virgesinn, dass och op dësem Niveau e bi-régionale Forum opgebaut gëtt, fir dass et zum Dialog kënnt iwwer all déi kommerziell Aspekter vum Accord, déi am Zesummenhang sti mat der nohalteger Entwécklung. An nohalteg Entwécklung sinn net nëmmen Ëmweltfroen, mä natierlech och all déi Sozialfroen.

Aner Kritiker hunn, wéi gesot, d'Situatioun vun de Mënscherechter an déi lokal Produktioun ugeschwat. Ech hunn dat schonn hei elo grad a menger mëndlecher Ried ugeschnidden. Ech wëll och drun erënneren, dass an deenen zwee Rapporten, a menge schréffleche Rapporten hunn ech déi kritesch Punkten och ugeschnidden. Mir hunn déi och an der Kommissioun diskutéiert.

Also, dësen Accord, deen éischten elo hei mat Zentralamerika, ass en Accord, dee méi wäit ass, méi wäit geet wéi e reng kommerziellen Accord. Et ass e wichtegt Kapitel an der Relatioun tëschent deenen zwou Regiounen. Et ass e wichtegt Kapitel am Dialog, dee mer mat där Regioun hunn, wat d'Mënscherechter ubelaangt, wat d'bonne Gouvernance ubelaangt an déi wichteg Theme wéi Justice, Liberté, Développement social a Cohésion sociale.

An dofir wëll ech och am Numm vun der LSAP den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

Rapport sur le projet de loi 6618

Dann, wéi gesot, Här President, hate mer jo gesot, mir géifen déi zwee Projets de loi zesummen huelen. Bei deem zweete kann ech mech elo vill méi kuerzfaassen.

Dëst ass en Accord tëschent der EU, hire Memberlänner engersäits a Kolumbien a Peru anersäits. An et ass, wéi gesot, e rengen Handelsaccord an net, wéi bei deem viregte Projet, en Associéierungsaccord. Also huet e just dee Pilier Handel, dee ganz ähnlech ass wéi deen drëtte